

E puer Blëtzer aus der Vergaangenheet.

Wéi koom et zu engem Foto-Club? Am September 1969 huet den deemolege „Collège d'enseignement moyen et professionnel de l'Est“, ofgekierzt „C.E.M.P.E.“ (Zënter 1979: „Lycée technique Joseph Bech“ (L.T.J.B.)) seng Diren opgemaach fir de postprimaires Unterricht zu Maacher. A geschwënn duerno (1971) sën och Oweskure fir Erwuesener organiséiert gin, dorënner och „Photographie“. Dat woaren 1x d'Woch 2 Stonnen vun Oktober bis Mee, haapsächlech Aarbechten an enger gudd équipierter Donkelkummer, awer och improviséiert Studioopnamen an hei an do eng Sortie fir dobaussen ze knipsen. Doniervt sin och déi selwecht Aktivitéiten nomëttes fir Schüler ugebuede gin, déi ëmmer vill Uklank fonnt hunn, alles ënnert der Regie vum Auteur (bis 1985) vun dësem Artikel a mat der groussmiddeger, moralescher a materieller Hëllef vun der Direktioun a vum Ministère. Dës Aktivitéiten lafen iwwers nach bis haut. Aus deene Leit, déi bei dësen Aktivitéiten derbäi waren, hunn sech dun e puer Fotosfrënn vu Maacher an Emgéigend zesummegedon, fir e Fotoclub



Die 1. Mitglieder des Fotoclub FLASH

ze grënnen. Eis Statuten goufen den 20. Abrël 1976 ënnerschrëwen an op der Gemeng déposéiert. President war de Jean Welter, Sekretär de Roby Lentz, ugaangs nach provisoresh, goufen se awer da spéider confirméiert. Den 21. Mee 1976 woar am Café Restaurant „La Piscine“ eng Kontakt-Versammlung, déi vum provisoreshen Comité zesummengeruff gi war. Do huet Mme Liz Neu-Paulus eis e Logo virgestallt deen sii entworf haat a mir ugeholl hunn. Gläich vun Ufank u waare mir och Mëmbere bei der F.L.P.A. (Fédération Luxembourgeoise des Photographes Amateurs) an zanterhier hu mir regelméisseg un den Delegéierten- a Generalversammlungen deelgeholl.

Leider si vun deen 2 éischten Joëren keng komplett Ennerlagen méi opzedreiw, sou datt mir hei e puer onpräziis Erënnerungen musse bréngen. Et hunn sech vun Ufank un e puer Gewunnëchten erausgeschiet, déi all bis haut nach gëllen.

Lokal Ausstellungen

Reegelméisseg vun Ufank un sën all Joër iwwer d'Ouschterdeeg Biller vun de Mëmbere gewiise gin, fir t'éischt am Kader vun der Ouschterausstellung, déi vum Comité des Fêtes organiséiert gouf, duerno huet d'Kulturcommissioun iwwer d'Ouschterdeeg hir Ausstellungen „Aux 4 Coins“ organiséiert, wou de Fotoclub regelméisseg derbäi woar. Et ass daat d'Geleeënheet fir alle Mëmbere mat hieer Wierker sech dem Publikum viirstellen, ouni Zwang an Aschränkung. Meeschtens war de Sujet fräi, haiandsdo hu mir awer och verséicht de Sujet thematësch oder formel ze ëmraissen. Nierwint dës regelméisseg Ausstellungen goufen et dann nach e puer speziel Produktiounen, wéi z.B. „Girls“ an „Erausgepickt“ vum Jean Welter a Fern. Schmit am Dezember 93. Dës Ausstellungen waren an engem Sall oder am Foyer vum Centre Culturel et Sportif um

Schwäinsmoart, am „Osbourg-Haus“ oder an der Kellereien Bernard Massard oder Vinsmoselle. Verbonne mat den Ouschterausstellungen war vun Ufank un eng Retrospektiv, déi sech all Kéier mat engem speziellen Aspekt vun der Maacher Geschicht, engem Veräin oder soss engem «Événement» aus der Muselgéigend beschäftigt huet. Op déi Art a Weis ass am Laf vu 25 Joër en Archiv vu Maacher- a Muselbiller entstan, dat séngesgläichen sicht an haut e wertvolle Patrimoine duerstellt, e Patrimoine deen ëmmer rëm vu Veräiner, Institutionen, Verlager oder eenzelne Persounen gären duerchwullt gët. Et stellt sëch just d'Fro, waat enges Daag's mat all deem wertvolle Material geschéie soll. Hei z.B. eng Opstellung vun deene Retrospektiven, sou wäit mir se rëmfonnt hun. Et goufen all Kéier esou eng 50 Biller gewisen.

Vun 1977-1982 hu mer leider d'Sujet'en vun eise Retrospektiven nët méi erëmfonnt.

1983 Cortège Landwuel. 1984 Héichwaasser 47-48 an 82-83. 1985 Viru 40 Joër vu Bëlleg bis op Wormer. 1986



I. Generalverammlung des Fotoclub FLASH am 22.1.1977



Austellung Lycée Technique 1983

Basket Ball Club Maacher. 1987 Maacher Leit vu fréier. 1988 140 Joër Chorale Municipale. A weider...

... 1989 Maacher Vergaangenheet. 1990 40 Joër Wäikinnëginnen. 1991 100 Joër Eisebunn Maacher-Waasserbëlleg. 1992 Gréiwemaacher Leit fréier an haut (mat Brochure). 1993 Maacher Postkaarten. 1994 Em d'Haushaltungsschoul. 1995 De religiéise Patrimoine vu Maacher. 1996 75 Joër Maacher Kellerei. 1997 Wéi d'Zäit vergeet op der Musel. 1998 150 Joër Maacher Gesangveräin. 1999 90 Joër C.S.G. - 30 Joër Maacher Festcomité. 2000 Ronderëm dat fréiert Schluechthaus. 2001 25 Joër „FLASH“.

Et soll hei och erënnert gin, datt de Club vun Ufank un am „Centre“ eng Donkelkummer, a spéider derniewt e Raum fir Studio a kleng Projektionen vun der Gemeng zur Verfügung gestallt krut. En ass mat Standartéquipement fir Laborarbechten a Studiobiller équipéiert, sowéi och Apparaten fir Projektionen mat Amplifikatiounen. Eng

Spezialitéit vum Club ass et, heiansdo schwaarz-weiss Fotoën am Groussformat ze entwéckelen, fir t'éischt am L.T.J.B., duerno an eisem Lokal. Dat ka bis zu 2 m Flaatsche goën, déi an enger selwer gebastelter „Kulangsmaschinn“ entwéckelt, fixéiert a gewässert gin, eng Operatioun, déi vill Spaass a laang Nuechte mat sëch bréngt. Bis elo wäerten eng 50 Biller sou entstan sin.

Eng flott Aktivitéit, déi mer e puer Joër laang duerchgezunn hun, war „Kanner knipse Maacher“. Mir hun d'Primärschüler(innen) aus dem 5. a 6. Schouljoër ugesprach, an se dann een Nomëtteg am Hierscht während 2-3 Stonnen duerch d'Stad geschéckt, fir Biller ze knipsen. Se kruten jidferen een einfachen automateschen Apparat mat engem Diasfilm gelueden. An da sën se lassgezunn. De Club huet dann d'Filmer entwéckele geloos, d'Diaën goufen vun engem Jury sélectionnéiert a priméiert, a bei enger öffentlecher Projektioun goufen se dann an enger Diavisioun gewisen, an jidferen krut dann e Cadeau oder e Präis. Finanzéiert gouf dat Ganzt vun der Gemeng a vu Sponsoren, an dës Aktioun haat an der Zäit en immensen Uklank, huet awer och immens Aarbecht an Opwand kascht. Munch Kand konnt esou de Goût fir d'Fotografie entdecken a munch schéi Bild ass dobäi entstan. De Jury war ëmmer zesammengesat aus engem Vertrieeder vum „Jury National“ vun der F.L.P.A., vun der Gemeng, vun de Sponsoren a vum „FLASH“. Et war eng flott an wertvoll Initiativ, déi 5



Grosse Fotos verlangen Teamwork, 2 arbeiten und einer gibt das Kommando

mol ofgezunn gouf, (1980, 1982, 1984, 1986 an 1988).

Regelméisseg all Joër, den 2. Weekend am September leeft zu Maacher dat groust „Wäin- an Drauwefest“ oof, wou och all Kéier déi néi Wäikinnigin gekréint gët. All Joër huet dobäi de Fotoclub 1 oder 2 Albumen fir de „Comité des Fêtes“ zesammengestallt. Wou duerch och eng wertvoll Dokumentatioun entstan ass. Aner Albume goufen vun der Gemeng oder engem Veräin bestallt an als Cadeau u prominent Visiteuren oder Institutiounen verschenkt. Hei e puer esou Geleeënheeten: Jumlage Aubiëre, Visite vun der groussherzoglecher Famill, Stad Tréier asw.

Doniewt gouf am Joër 1995 en zimmléich vollstännegen Inventaire vum „Patrimoine Religieux“

op Diaën opgehol. Eng 1000 Biller weisen Kräizer, Statuen, Fensteren, Sakral Géigestänn asw. vu Mënjecker a Maacher a goufen an enger Diasprojektioun gewisen.

Woubäi mir bei den Diasprojektiounen ukomm wären. Entweder war de Club dru bedeelegt oder eenzel Mëmberen hun hier Reportagen gewisen. 1989 ass déi éischt Multivisioun fir 6 Projekteren entstan an zwar am Opdrag vun der FLPA, am Cader vun «150 Joër Lëtzebuerger Onofhängegkeet». Eng Rei vu Fotosclibb aus dem Land hun jidferen e lëtzt. Lidd als Multivisoun



Mat kleng Saache gi mir eis guer nët oof!

virgefuert. Mir haten als Virlag dem Nik. Hein säi Gedicht „Mäi Wéngert“ mat der Vertounung vum Nick Entringer sénger Musek. D'Chorale Municipale vu Maacher an en Instrumentalgrupp hu vir den Toun gesuergt. Virgefuert gouf dës Multivisioun am Festsall vun der „Fondation Pescatore“, virum Ierfgroussherzog Henri an der Ierfgroussherzogin Maria Teresa. Dës Projektioun gouf och nach eng Kéier zu Maacher gewisen, am Kulturjoër 1995 (21. Oktober) bei der Geléenheet vu „Maacher leeft“ am Centre Culturel.

Zwou aner Multivisiounen sën nach entstan. E Réckbléck op 50 Joër Comité des Fêtes (1999 CFG) an och e Réckbléck op 90 Joër Club Sportif Grevenmacher (CSG) och 1999. Déi aner Projektiounen déi mir gewisen hun, waren all am „fendu-enchaîné“ mat 2 Projekteren. Do stécht virun allem eng Aktioun ervir, déi dem Chronist am meeschte Satisfactioun gin huet: Den 19. Dezember 1998, fir d'Ofschlussfeier vum Joër géint de Rassismus, virum Grand Duc Jean an der Grande-Duchesse Joséphine Charlotte, a virun enger staarker Assistenz vun Nationaler an Internationaler Prominenz hu mir am grouse Sall vum

„Centre Européen“ um Kiirchbierg eng Uropféierung vun enger Kantat „The Fruit of Colors“ vum J.P. a Luc Rollinger mat enger Dias-Show op e Riesenécran illustréiert. Gewiise goufen Biller vu Primärschoukanner vu Steesel an Dräibuer, déi mir extra zu Wahl an zu Dräibuer geknipst hun fir dës Sujet vu Fridden, Eenegkeet a Solidaritéit tëschen alle Mënschen ze illustréieren. Hei nach e puer aner Projektiounen, déi mir erëmfonnt hun:

Marc Kalbusch: „Cycle“, Impressions de la Ville de Luxembourg (25.02.85). Flash: „Vun Schengen bis op Bëlleg, eis Museldierfer“ (23.03.86). Jean Welter: 3 Deeg Carneval zu Venedeg (1985). Jean Welter: Madeira (25.03.96). Carlo Rinnen: New York (25.03.96). Jean Welter: Griechesch Inseln (12.02.96). Mathis Thewes: Camargue. Carlo Krier: Vercors. Jean Welter: Malta.

Mir kënnen hei nët déi Diasprojektiounen opzielen, déi eenzelner vun eise Mëmbere bei verschiddene Geleeënheeten z.B. an Altersheemer, zu Éinen um Wäifest (Carlo Rinnen), oder zu Manternach (Ed. Thiel) an nach vill anerer gewisen hun. 2 Diasévenementer mussen awer nach



Generalversammlung des Fotoclub FLASH am 8.2.1985



Kanner knipse Maacher

genannt gin: 1978 huet de Fotoclub FLASH am deemolëge „Collège de l'Est" de Salon National vun der FLPA gewiisen, an 1998 hun mir den „28. Salon National de Diapositives" vun der FLPA organiséiert. De 14 November 1998 war de Vernissage mat Präisverdeelung. Et war een Deel „Fräie Sujet" an een Deel „Alles ëm de Wéngert an de Wäin". Et hate 16 Clibb matgemaach, mat 70 Auteurs an zesummen 481 Biller, vun dénen der ongeféier d'Halschecht vum Nationalen Jury zréckbehal goufen. Bei där Geléenheet koum och eng gediegen faarweg Brochure eraus mat de Statistiquen an de Lauréat'ën. Hei krut och de Président an den Ed. Thiel d'Sëlwermedaille vun der FLPA iwwerrécht. Am selwéchte Joër 1998 gouf de President vum „FLASH" gefrot, fir um FLPA Photo Forum 1998 zesummen mat 2 aner Fotoskollegen (Grasges Fernand, Ettelbréck), (Schwickert Charles vun Déifferdeng) am Centre Noppeney matzeman. Dem Président séng 15 Biller hun, „d'Véronique a säi Portrait" gewisen, eng Série, déi duerno nach e puer mol soss dorëmmer, och zu Maacher gewiise gouf.

1978 a 1979 hu mir 2 Sérien mat je 4 aale Postkaarten vu Maacher am „Reprint" erausgin.

Am Zesummenhank mat eiser Jugendaarbecht hate mir 1983 „Den Agfa-Créarama" mat enger professioneller Multivisioun hei zu Maacher, an e puermol hun och Maacher Kanner um Péitenger „Concours Jeunesse" deelgeholl an e puer schéi Präisser krit.

Waat déi intern Organisatioun vum Club ugeet, sou hate mir bis elo 2 Presidenten: Jean Welter (1976-1990) (1996-....) a Carlo Krier (1990-1996). 3 Sekrétaires: Roby Lentz (1976-1987). Änder Hatz (interim). Fernand Schmit (1988-1994). Diane Lolaico (1994-....).

Caissier waren: Emile Krier, Simone Gehlen-Welter, Jemp Steffen (bis haut).

Och dat gesellégt Liéwen huet nët gefehlt. Mir sin bal all Joër op e (Familgen)-Ausflug gefuer; z.b. Roscheiderhof – England – Brockscheid – Éisleck – Clairefontaine – Aubière – Manternach – Charleroi – Ringel Nennig – 2x Tréier – Allénster – Ourdall – Wenzelspaad sin an nët chronologescher Rei e puer Plazen, un déi mer eis erënneren.



1989, 1. Ausstellung am Peter Osburg Haus



2000, Vernissage mat de Frënn vu Schëtter

Nei Relatiounen hun sech am Joër 2000 erausgeschielt: Kontakt mat dém nei gegrënnten Fotosclub vun Tréier an eng gemeinsam Ausstellung mam Schëtter Fotosclub (Ausstellungen zu Maacher am September, an zu Schëtter am November).

Domatt wieren déi markant Punkten aus dem „FLASH“ sénger Vergaangenheet ugeblëtzt. Wat an esou enger Chronik nët zum Ausdrock kënn, dat ass déi Komerodschaft an déi Verbonnenheet tëschent de Mëmberen, besonnesch dem „haarde“ Käer, deen ëmmer um Dill ass, wann et heescht eng Hand upaken. Dat sin déi vill

Stonnen, déi mir zesummen probéiert, diskutéiert, an och emol ënnerteneen geflucht hun; dat ass och d'Freed, wann ëppes gudd geroden ass an d'Enttäuschung, wann ëppes derlaanscht gOUNG; dat sin déi vill Biller, op déi ee stolz ka sin, dat ass d'Satisfactioun e schéinen a wäertvollen Hobby ze hun, vun deem ganz oft och d'ganz Famill op eemol faszinéiert gët. Et bleiwt nach just en häerzlëche Merci un all fréier an aktuell Mëmberen, bei hierer Famill, de Leit vum Comité, alle Frënn a Sponsoren; besonnesch awer och déi gudd Zesummenaarbecht mat alle Maacher Veräiner soll erviirgehuewen gin, an last, but not least der FLPA a ganz extra der „Gemeen“, déi eis bei alle

Geléeenheeten materiell, finanziell a moralesch gehollef huet unni vill Fiederliesens a Gedeessesms.

Och wann an Zukunft nei Techniken a Méigléchkeeten wéi Champignoën aus dem Buedem wuessen, dann hoffe mir, datt de „FLASH“ och dat anert Véierelsjoërhonnert an demselwëchte Geescht weiderschaffe kann.

De Chronist J.W.



Generalversammlung 10 März 2000



1. Rei v.l.n.r.: Emile KRIER, Simone GEHLEN-WELTER, Jean WELTER, Jemp STEFFEN,
Diane LOLAICO, Barbara HAASE, Edmond THIEL

2. Rei v.l.n.r.: Fern STEIN, Ulrike SAUER, Maryse HAAS-JOST, Michèle LUCIUS-WEILER,
Mathis THEWES, John HENGEL

3. Rei v.l.n.r.: Christian THIEL, John HOFFMANN, Carlo RINNEN

(leider konnten verschidde Membre'en nët un dëser Fotosessioun deelhuefen)

*Zu deem Moment wou mir mat dëser Brochure an d'Endproduktioun koumen, huet eise Präsident
dréngend missen an d'Klinik goën.*

Mir wënschen him eng gudd Besserung an fir déi next Projet'en méi Rou!!